

# La Strange

Nodeems d´Clubchampionat am Stellgewässer ausgefall war hunn mir dat nogeholl während eiser offizieller Sortie du Jambonneau op la Strange an den belschen Ardennen. 21 Fescher vum Flyfishing Club aus Letzebuerg haten sech op de Wee gemaach fir ee flotten Dag beim Waasser ze verbréngen an wat soll ech soen et war erem richtegt la Strange Wieder, naass an kaal, genee esou ewéi et soll sinn am November. Dat konnt natierlech net verhenneren dass mir eng excellent Stemmung haten an einfach ewei emmer zefridden waren dass mir iwwerhaapt konnten zesummen den Dag verbrengen. Natierlech, och ewei emmer zu la Strange, waren d Fesch ganz kriddelesch an wollten net esou richteg bäissen och wann deen een oder aneren schéine Fesch gefaangen gouf mee dat war awer och batter néideg fir eis bei Laun ze halen.













Ganz erfreet waren mir dass den Gast an de Rom, eis zwee Wäitgereesten déi normalerweis emmer an Saachen Feschen an ganz Europa ennerwee sinn, mol erem eng Kéier dobäi waren, wessen Sie dach emmer ganz vill Anekdoten vun hiren Reesen ze berichten. Mee och all déi aner Fescher hunn sech net zeréck gehalen an hunn hiert beschten Fescherlatain zum Beschten ginn. Déi véier Verbliwwen déi sech dem Clubchampionat gestallt hunn woussten, oder villméi hunn missen, ganz vill Gedold an Ausdauer un den Dag leeen ewell ouni dat hätten Sie bestemmt net esou laang bei deem schlechten Wieder duerchgehalen. All déi aner Fescher hunn am meeschten geglänzt ewei d´Jamnonneauen zerwéiert ginn sinn, dat muss ee mol am Joer sinn. Ech war dann och ganz verwonnert, haten op meng Nofro hinn vill Fescher gesot Sie géifen des Kéier léiwer á la carte iessen, esou hunn schlussendlech dach 16 Fescher sech der Erausfuerdrung gestallt fir den Jambonneau ze meeschteren an natierlech hunn mir dobäi net op eis Sauce Bearnaise verzicht, wann schonn dann awer och richteg. Et huet dann och ee bessen gedauert bis d´Iessen op den Desch komm ass, schliesslech waren mir jo zu dachs ugetruecden, mee dat huet eis awer net weider gestéiert war et dach mat an der Lodge vill méi gemitlech ewei do Baussen.








Resultat 2. Deel Clubmeeschterschaft:

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1. | Marc Buso | 8 Fesch | 523 Punkten |
| 2. | Dan Muno | 5 Fesch | 349 Punkten |
| 3. | Jemp Hoffmann | 5 Fesch | 318 Punkten |
| 4. | Jemp Nicolas | 3 Fesch | 223 Punkten |

# Schlussresultat Clubmeeschterschaft 2023

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1. | Dan Muno | 18 Fesch | 1018 Punkten |
| 2. | Marc Buso | 5 Fesch | 523 Punkten |
| 3. | Jemp Hoffmann | 7 Fesch | 491 Punkten |
| 4. | Jemp Nicolas | 8 Fesch | 478 Punkten |
| 5. | Dan Pierrot | 8 Fesch | 411 Punkten |
| 6. | Marc Duton | 2 Fesch | 139 Punkten |

















